
***Hallo Handwierk** bréngt all Joer ville Schülerinnen a Schüler aus der Gondschoul d'Beruffer méi no*

# *D'Passioun vum Handwierk an d'Klassen droen*

▸ Et gëtt geplangt, gezeechent, gehummert, geschrauft, geschnëppelt, gegipst, gebitzt, geschmaacht a geformt. Mee bei der Themewoch *Hallo Handwierk* gëtt virun allem vill Neies entdeckt iwwer d'Beruffer aus dem Handwierk. Zanter 2018 gëtt et déi Initiativ vun der *Chambre des métiers* an dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend.

*Ronn* **2 000** *Schülerinnen a Schüler hu säit dem Ufank vum Programm un* Hallo Handwierk *deelgeholl.*



De kréinenden Ofschloss vun der *Hallo Handwierk*-Themewoch ass d'Visitt vun Handwierker an der Klass.

Photos © Chambre des métiers

## *Article en français* ▸▸▸

***Quoi?*** *Une initiative pour faire découvrir les métiers de l'artisanat*

***Comment?*** *Pendant une semaine, le thème choisi est abordé en classe dans tous les domaines d'apprentissage*

***Pour qui?*** *Les élèves du cycle 4 de l'enseignement fondamental*

Wann Äert Kand interesséiert ass, d'Welt vum Handwierk kennen ze léieren, ass *Hallo Handwierk* eng ganz flott Geleeënheet dofir. D'Initiativ ass fir all d'Kanner aus dem Cycle 4 an de Grondschoulen.

Bei *Hallo Handwierk* fléisst d'Handwierk wärend enger ganzer Woch an d'Coursen an. Huet d'Klass zum Beispill d'Themewoch Daachberuffer ausgewielt, wäert an der Mathé d'Berechnung vu Flächen a Volume um Programm stoen, an de Sproochen déi verschidde Bezeechnunge vum Geschier an de Maschinnen, mat deenen Daachdecker schaffen, an de Wëssenschaften d'Notzung vum Holz an d'Hierkonft vun den Daachzillen an am Fach *Vie et société* déi verschidden Daachformen, déi et op der Welt ginn, oder d'Geschicht vun den Haiser ... D'Klass kritt och eng *Hallo Handwierk*-Box zur Verfügung gestallt mat **allerlee Geschier a Material**, fir sech och mat prakteschen Übungen un de Beruff erunzeschaffen.

**Handwierker an der Klass**

De kréinenden Ofschloss vun der *Hallo Handwierk*-Themewoch ass d'**Visitt vun Handwierker an der Klass**. Dee Moment bitt net just d'Geleeënheet fir d'Kanner, all méiglech Froen iwwer d'Beruffer ze stellen, mee et gëtt dann och ganz konkret e **praktesche Projet** mat de Schülerinnen a Schüler verwierklecht.

Hei gëtt zum Beispill en Zylinderkapp vun engem Motor beschafft, Frisure gi gestylt, Zënnmodeller ugefäerdegt, Bréller montéiert, Stoffer beaarbecht oder Marzipanmais hiergestallt. Am Fall vun der Themewoch Dachberuffer ass dat zum Beispill de Bau vun engem klengen Daachstull. Ronn 600 Schülerinnen a Schüler aus 25 verschidde Schoulen hunn am Schouljoer 2022/2023 un *Hallo Handwierk* deelgeholl, den Interessi wiisst laut *Chambre des métiers*.

Fir d'Enseignanten ass et net nëmmen eng Geleeënheet, fir eppes Besonnesches mat de Schülerinnen a Schüler ze ënnerhuelen, mee *Hallo Handwierk* bitt e **valoriséierenden Austausch mat enger Beruffswelt,** fir innovativ Iddien, Perspektiven a Karriärsméiglechkeeten am Handwierk kennen ze léieren.

Fir d'Handwierker, déi op fräiwëlleger Basis bei *Hallo Handwierk* matmaachen, ass et flott, de Kanner hir Passioun fir hire Beruff virzestellen an esou hiren Interessi fir d'Handwierk ze erwächen. ■

*Wann Äert Kand interesséiert ass, d'Welt vum Handwierk kennen ze léieren, ass* Hallo Handwierk *eng ganz flott Geleeënheet dofir.*

### #kontext

*Klassen aus dem Cycle 4 kënne sech **iwwert hiert Léierpersonal** bei der* Chambre des métiers *mellen, fir bei dëser Initiativ matzemaachen. Si hunn de Choix tëschent enger Rei vun Handwierksdomainer, wéi zum Beispill Mécanique, Alimentatioun, Moud-Gesondheet-Hygiène an Daachberuffer. Dës Lëscht gëtt konstant ausgebaut.*

*D'Enseignantë kréien dann e Programm zur Verfügung gestalt, fir dat ausgewielten **Handwierksthema** wärend enger ganzer Woch ze behandelen, an dat **fächeriwwergräifend.***

*Dobäi kann d'Léierpersonal sech op fäerdeg **Aarbechtsblieder** stäipen, déi en Aarbechtsgrupp vun Enseignantë mat der* Chambre des métiers *zesummen ausgeschafft huet.*

*Fir weider Informatiounen zum Projet: Chambre des métiers Service Perspektiv Handwierk (+352) 42 67 67 - 218/244 perspektiv@cdm.lu*

↓ Bei *Hallo Handwierk* fléisst d'Handwierk wärend enger ganzer Woch an d'Coursen an



↓ D'Initiativ a Bild an Toun (Video)

